



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°1519 vum 15. November 2024 vun den éierewäerten Deputéierte Madamm Alexandra Schoos an Här Jeff Engelen iwwert de "Cormoran"

Preliminär Remarquen

De Kormoran ass eng eenheemesch Aart, déi op Grond vu systematescher Exterminatioun an den Haaptbruttgebitter an der Nord- an Ostsee hei zu Lëtzebuerg laang net virkomm ass. Op Grond vun sengem Schutzstatus duerch d'EU-Vulleschutzdirektiv vun 1979 ass de Kormoran nees méi heefeg ginn. Säit den 1990er Joren ass de Kormoran dann och nees zu Lëtzebuerg an de spéiden Hierscht- an an de Wanterméint ëmmer méi reegelméisseg gesi ginn. Bis virun 2023 konnt keng Brutt zu Lëtzebuerg dokumentéiert ginn, awer säit 2023 ginn et zwou Bruttkolonien (Haff Réimech an Hëttermillen) hei am Land.

Gi reegelméisseg Daten erfaasst zu der Evolutioun vun der Populatioun vun de Kormoranen zu Letzebuerg? Wa jo, wei huet sech d'Populatioun vun de Kormoranen zënter 2020 bis elo entwéckelt? Kann den Här Minister an deem Kontext confirméieren, datt d'Kormoranen sech zanter 2020 substantiell am Land ausgebreet hunn?

De Kormoran iwwerwantert schonn zanter Joerzénge zu Lëtzebuerg an ass praktesch op alle Gewässer vertraueden. Laut der Centrale Ornithologique du Luxembourg (COL) schwankt de Wanterbestand tëscht 250 a 500 Individuen, jee no Mount a Wiederbedingungen. Eng substantiell Ausbreedung am Land säit 2020 kann net confirméiert ginn wat de Wanterbestand ubelaangt. Wéi bei de preliminäre Remarquen matgedeelt, huet de Kormoran sech säit dem Joer 2023 als Bruttvullenaart zu Lëtzebuerg installéiert a britt op zwou Plazen.

Besteet an den Ae vum Här Minister eng Gefor, datt d'Kormoranen en negativen Impakt op eis Feschbestänn hunn, respektiv en negativen Impakt op d'Ökosystemer zu Lëtzebuerg? Wa jo, wéi gedenkt den Ëmweltministere elo ze reagéieren? Ass den Här Minister der Meenung, datt op Basis vun de viregten Äntwerten eng Kontroll, bzw. eng Regulierung vun der Populatioun vun de Kormoranen néideg ass? Wa jo, wéi well den Här Ëmweltminister hei genau virgoen?

Een negativen Impakt op d'Feschbestänn ass virop op déi ongëschteg Qualitéit vu ville vun eise Fléissgewässer zeréckzeféieren. Eng schlecht Waasserqualitéit an deen domat verbonne Verloscht vu Strukturen am Waasser an am Uferberäich, wou d'Fesch sech kënne virun natierleche Preadateuren ewéi dem Kormoran verstoppen, hunn en negativen Impakt op d'Feschbestänn. Et ass geplangt fir prioritär den Ökosystem vun de Fléissgewässer an de kommende Joren nees ze verbesseren, engersäits duerch Renaturéierungen an anerersäits duerch d'Verbesserung vun der Waasserqualitéit.

Lëtzebuerg, de 17. Dezember 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit